N°1878
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.02.2025

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vumChambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Edukatioun, Kanner a Jugend an un de Minister fir d'Fonction publique weiderzeleeden.

Zurzäit wär de Schoulbetrib ouni Chargé(e)ën – sief et mat engem Contrat a durée déterminée (CDD) oder engem Contrat à durée indéterminée (CDI) ondenkbar. D'Chargé(e)ë ginn ënnert dem Statut vum Employé de l'État agestallt, kënne sech no enger Rei Joren am Beruff awer fonctionnariséieren loossen, wa si en CDI hunn. Fir d'Fonctionnarisatioun mussen si mindestens 15 Déngschtjore virweise kënnen, en adäquaten Niveau vun den dräi Amtssproochen noweisen an de Examen de fin de stage packen.

Am dësem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren déi follgend Froe stellen:

- Wéi vill Prozent vun de Schoulstonne ginn am Fondamental an am Enseignement secondaire aktuell vu Chargé(e)ë gehalen? Wéi verdeelen sech des Zuelen op den Enseignement secondaire classique (ESC), den Enseignement secondaire général (ESG), d'Beruffsausbildung, d'Kompetenzzentren an d'Erwuessenebildung?
- Wéi vill Chargé(e)ën mat méi wéi 15 Déngschtjore sinn aktuell an de lëtzebuerger Schoulen aktiv?
- Wéi vill vun dëse Persounen hunn en CDI a wéi vill en CDD? Wéi vill dovun si fonctionnariséiert ginn?
- Wéi vill Chargé(e)ë goufen an de leschte 5 Joer pro Joer fonctionnariséiert ? Wéi vill dovu waren an der catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2 oder A1 a wéi vill am groupe de traitement d'indemnité B1 ?
- Wéi vill Déngschtjore konnten d'Chargé(e)ën an der Moyenne virweisen, wéi si hier Demande fir eng Fonctionnairiséierung gestallt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Députéierten

Francine Closner
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1878 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener a Mars Di Bartolomeo**

**Ad 1)**

Den Tableau hei drënner weist den Undeel vun de Schoulstonnen, déi vu Chargéë gehale ginn.

| | |
|---|---|
| Enseignement fondamental | 4,90 % |
| Enseignement primaire international | 90,30 % |
| Enseignement secondaire classique (y compris international) | 37,35 % |
| Enseignement secondaire général | 31,34 % |
| Formation professionnelle | 40,16 % |
| Centres de compétences | 2,87 % |
| Formation des adultes (ENAD) | 37,00 % |

**Ad 2)**

Am Enseignement fondamental sinn aktuell 184 Leit, déi zanter hirer Entrée en service an hirer aktueller Carrière eng Anciennetéit vu méi wéi 15 Joer virweise kënnen.

Am Enseignement secondaire sinn aktuell 349 Leit, déi zanter hirer Entrée en service an hirer aktueller Carrière eng Anciennetéit vu méi wéi 15 Joer virweise kënnen.

An de Kompetenzzentre sinn aktuell sechs Leit, déi zanter hirer Entrée en service an hirer aktueller Carrière eng Anciennetéit vu méi wéi 15 Joer virweise kënnen.

**Ad 3)**

Aktuell hunn all dës Agenten ee CDI.

**Ad 4)**

Am Enseignement fondamental gouf bis elo eng eenzeg Persoun fonctionnariséiert. Dëst, well all d'Chargés de cours am Groupe d'indemnité A2 « Quereinsteiger » sech schonn no engem Joer dem Examen-Concours konnte stellen, an op dee Wee de Statut vum Fonctionnaire konnte kréien.

Am Enseignement secondaire goufen an de leschte fënnef Joer 61 Chargéë fonctionnariséiert:

- Sessioun 2022/2023: 50, dovu 34 am Groupe d'indemnité A1, aacht am A2 an aacht am B1;
- Sessioun 2023/2024: 11, dovu sechs am Groupe d'indemnité A1, dräi am A2 an zwee am B1.

Fir d'Schouljoer 2024/2025 ass d'Sessioun nach net ofgeschloss.

**Ad 5)**

Bei deenen 62 Leit louch d'Moyenne un Déngschtjoren zum Moment vun der Demande, respektiv dem 15. Juni vum entspriechende Joer, bei 18 Joer an engem Mount.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH